

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

2022 ass Esch, zesumme mat 18 Nopeschgemengen aus der Minett („ProSud“) an aus Frankräich, Kulturhauptstad vun Europa, eng Eier, déi sech eis zweetgréisst Stad mat Kaunas (Litauen) an Novi Sad (Serbien) deelt. D'Attraktivitéit vun dëser 18-Gemenge-Regioun (200.000 Awunner) soll gestärkt ginn, ganz besonnesch op touristeschem a wirtschaftlechem Plang.

De Kulturministère hält sech aus der Programmatik eraus. An der Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson an der Gesondheetsministesch Paulette Lenert op d'parlamentaresch Fro n° 5317 vum 1. Dezember 2021 vum Georges Mischo liest een: *„Iwwerdeems sech d'asbl Esch2022 fir d'Organisatioun vun engem Lancement entscheet huet, sief drun erënnert, datt sech de Kulturministère prinzipiell net an d'Gestaltung vu kulturellen an artisteschen Aktivitéiten, respektiv vu Programmationen amëscht.“*

Onofhängeg dovun ass der Regierung sécher bekannt, datt de Kontrollgremium vun der Europäescher Kommissioun a sengem Dokument „Third Monitoring Meeting Report by the European Capital of Culture Expert Panel Virtual Meeting, October 2021“ schreift: *“The panel asked several questions about the large number of projects that had not been selected after the open call and the frustrations this could create, (...) The team reiterated the figures indicated in its previous progress report: i.e. the open call triggered a record number of 1000 applications, among which approximately 600 were fully finalised. Out of these, 130 projects were selected by the evaluating committee as meeting the quality criteria and will take place next year.”*

Op der Pressekonferenz vum 28. Oktober 2021 iwwer déi lescht Virbereedungen op d'Kulturjoer huet d'Françoise Poos, Directrice vum Kulturprogramm vun Esch2022, op d'Fro, firwat sou vill Projete refuséiert goufen, geäntwert: *« Parce qu'il faut faire un choix. »* Dës Äntwert bagatelliséiert d'Tatsaach, datt iwwer 800 Kënschtler a Kënschtlergruppen hir Zäit, hir Energie an hir Ressourcë fir näischt agesat hunn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

- 1) Kann d'Madamm Kulturministesch confirméieren, datt d'Lëscht vun de Projeten, déi vun Esch2022 ofgeleent goufen, bis elo net publizéiert gouf? Wa jo, aus wéi enge Grënn gouf dës Lëscht bis elo net publizéiert?

- 2) Verfüügt d'Madamm Kulturministesch iwwer esou eng Lëscht? Wa jo, ass et méiglech, déi Lëscht ze gesinn? Wann nee, ass et méiglech, esou eng Lëscht ze gesinn?
- 3) Kann d'Madamm Kulturministesch preziséieren, aus wéi enge Grënn déi betreffend Projeten ofgeleent goufen, a wat d'Organisateure vun Esch2022 konkret ënner « *quality criteria* » verstinn, opgrond vun deenen déi Honnerte vu Kënschtler ofgesot kruten?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten